N°4181
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4181 vum 3. Juni 2026 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro, firwat am Kader vum Renaturatiounsprojet am Weidendall tropescht Bongossi-Holz virgesinn ass. Hie wëllt och wëssen, ob dëst Holz nohalteg zertifizéiert ass, ob Alternativen aus Lëtzebuerg, der Groussregioun oder Europa gepréift goufen an, am Fall wou dat de Fall war, firwat dës net berücksichtegt goufen.

*Fro 1: Firwat gouf am Kader vum Marché public n°2601227 decidéiert, fir tropescht Bongossi-Holz anzesetzen?*

Wéi d'Stroossebauverwaltung matdeelt, ass d'Wiel vu Bongossi-Holz fir den ëffentlechen Optrag Nr. 2601227 baséiert op spezifeschen techneschen Iwwerleeungen, déi sech aus de besonnesche Restriktioune vun der geplangter Struktur erginn.

Déi betraffe Passerell am Kader vum Renaturéierungsprojet befënnt sech an engem Fiichtgebitt a muss reegelméissege Belaaschtungen duerch Véi standhalen. An deem Kontext ass et essenziell, e Material ze wielen, dat eng héich Resistenz géint Verschläiss a mechanesch Belaaschtung opweist.

Bongossi-Holz zeechent sech duerch eng aussergewéinlech natierlech Haltbarkeet (Klass 4-5), seng héich mechanesch Stäerkt a sengen exzellenten Eegenschafte fir ee fiicht Ëmfeld aus. D'Erfarung huet doriwwer eraus seng Laangliewegkeet a zouverlässeg Leeschtung a vergläichbare Situatioune bestätegt. Op Basis vun dëse Facteuren, an am Aklang mat den Diskussiounen an der Entwécklungsphas vum Projet, gouf dëst Material ausgewielt an an d'Ausschreiwungsdokumenter opgeholl.

*Fro 2: Wäert dat Holz, wat hei genotzt gëtt, op mannst nohalteg zertifizéiert sinn?*

Am Aklang mat den Ufuerderunge vun der ëffentlecher Beschafung an den Nohaltegkeetsverpflichtungen, muss dat benotztent Holz aus zertifizéierte Quellen, wéi FSC, PEFC oder enger gläichwäerteger Quell kommen. Dat ass och bei dëser Ausschreiwung de Fall.

Wärend der Ausféierungsphas mussen d'Entreprisn deementspriechend Follgendes virleeën:

- technesch Dateblieder fir déi proposéiert Produkter,
- souwéi Zertifikater, déi hiren Ursprong an d'Konformitéit mat den Ëmweltufuerderungen bestätegen.

Fro 3: Goufe fir des Ausschreiwung Alternativen aus Lëtzebuerg, der Groussregioun oder Europa gepréift, a falls jo, firwat goufen des net zeréckbehalen?

Wéi d'Stroossebauverwaltung matdeelt, goufen am Kader vun der technescher Planung vum Projet alternativ Materialléisungen, dorënner och europäesch Holzaarten, analyséiert an evaluéiert. Dës Alternativen hunn sech allerdéngs am Verglach zu Bongossi-Holz als manner gëeegent fir déi spezifesch Asazbedéngunge vun dëser Infrastruktur erausgestallt. Generell ass et esou, dass gekuckt get fir Holz aus der Groussregioun an Europa ze benotzen.

Jee no Holzaart hu se entweder eng méi niddreg natierlech Haltbarkeet an engem permanent fiichten Ëmfeld, erfuerderen zousätzlech chemesch Behandlungen oder weisen eng méi kuerz Liewensdauer op, wat mat méi héijem Ënnerhaltsopwand a méi heefege Renovatiounsaarbechte verbonne wier.

Wéinst der héijer natierlecher Haltbarkeet behält Bongossi-Holz seng Eegenschaften, ouni dass zousätzlech Konservéierungsmëttel gebraucht ginn. Dësen Aspekt ass besonnesch relevant am Kontext vum Projet, well d'Passerelle iwwert de Waasserlaaf Mamer féiert.

D'Benotzung vun Holz, dat chemesch Behandlungen erfuerdert, hätt an dësem Fall e potenzielle Risiko fir d'Waasserëmwelt mat sech brénge kënnen a wier schwéier mat den Ëmweltschutz- a Waasserqualitéitsziler ze vereinbaren, déi am Kader vum Restauratiounsprojet verfollegt ginn.

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes